n° 2590

Lëtzebuerg, den 27. Juli 2020

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

REÇU
Par Alff Christian , 10:42, 27/07/2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an d'Madame Ëmweltminister weiderzeleeden:

*« Tëscht Bierden a Waarken, um Territoire vun der Gemeng Ettelbréck, soll spéitstens an zwee Joer eng Wandmillen opgeriicht ginn; mat hiren 230 Meter déi héchst am ganze Grand-Duché. Och op Dikrech soll sou eng Wandmille stoe kommen. D'Wandmille kéim, sou liest een an der Press, zimmlech no bei déi éischt Haiser vu Bierden placéiert ginn, just 750 Meter wäit ewech. Vill Bierger vu Bierden an Ierpeldeng-Sauer maachen sech Gedanken iwwer den Impakt op hir Gesondheet vun dëser fir Lëtzebuerger Verhältnisser dach éischter ongewinnt héich Wandmillen.*

*Virun deem Hannergrond wollte mir dem Här Energieminister an der Madame Ëmweltminister folgend Froe stellen:*

- *Wéi positionéieren sech den Här an d'Madame Minister zur Thematik „Infraschall“, also Schallwellen, déi een zwar net héiere kann, an awer op de mënschleche Kierper Afloss huele kënnen? Gëtt et dozou Studien, déi de Ministère ënnert d'Lupp geholl huet oder bereet ass ze huelen fir dës am Entscheedungsprozess ze berécksiichtegen?*
- *Stëmmt et, datt de Schied vun dëser Wandmillen, je no Joreszäit, ganz no un d'Grenz vum Bierdener PAG kënnt? Wa jo, sinn den*

*Här an d'Madame Minister sécher, datt dat net d'Liewensqualitéit vun de Bierger beanträchtegt?*

- *Wier et net besser de Standuert vun der Wandmillen ze iwwerdenke fir de méiglechen Afloss op déi physesch a mental Gesondheet vun de Bierdener Awunner ze miniméieren?*
- *Denkt de Ëmweltministère drun, fir déi aktuell Legislatioun an dësem Beräich ze iwwerschaffen, fir datt de Mindestofstand vis-à-vis vu bebauten Zone méi grouss gëtt, sou wéi dat elo schonn de Fall an aneren europäesche Länner ass, déi déi geltend Norme méi streng gemaach hunn?*
- *Sinn den Här an d'Madame Minister bereet fir den Dialog mat de Bierdener an Ierpeldenger Bierger opzehuelen an eng Rei Froe mat hinnen am Kader vun enger weiderer Informatiounsversammlung ze klären, fir datt Ängschten a Suerge vun der Bevëlkerung am direkte Gespréich kënnen ugesprach ginn?*
- *Wa jo, wier dat am spéide Summer oder am fréien Hierscht méiglech?»*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 27 juillet 2020

Objet : Question parlementaire n° 2590 du 27.07.2020 de Monsieur le Député André Bauler et de Monsieur le Député Gusty Graas - Installation d'une éolienne entre Burden et Warken

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés